




GEMENG
BIEKERICH

N°284 - JUILLET 2026

Schéi Vakanz



INFOBLAT VUN DER BIEKERECHER GEMENG - BULLETIN COMMUNAL DE LA COMMUNE DE BECKERICH

D'SUEBELMOK

NUMÉROS UTILES



GEMENG
BIEKERICH

ADMINISTRATION COMMUNALE DE BECKERICH

6, Dikrecherstrooss • L-8523 Beckerich
Tél. : 26 669-100 • E-mail : info@beckerich.lu
www.beckerich.lu

Les bureaux sont ouverts :
lundi - vendredi de 08h30 à 12h00 et mercredi de 14h15 à 17h45

RÉCEPTION - POPULATION

info@beckerich.lu | T. 26 669-100

NOTHUM Lynn

lynn.nothum@beckerich.lu
T. 26 669-100

ÉTAT CIVIL - POPULATION

BETZEN Viviane

viviane.betzen@beckerich.lu
T. 26 669-105

FACTURATION - POPULATION

BREVER Chantal

chantal.brever@beckerich.lu
T. 26 669-104

SECRÉTARIAT

KELLEN Martine, secrétaire

martine.kellen@beckerich.lu
T. 26 669-102

HOFFMANN Philippe

philippe.hoffmann@beckerich.lu
T. 26 669-101

RESSOURCES HUMAINES

LEYDER Corinne

corinne.leyder@beckerich.lu
T. 26 669-106

RECETTE

THILL Natalie, receveur

natalie.thill@beckerich.lu
T. 26 669-130

SERVICE TECHNIQUE

REDING Flore, ingénieur technicien

flore.reding@beckerich.lu
T. 26 669-151

JAEGER Patrick, ingénieur technicien

patrick.jaeger@beckerich.lu
T. 26 669-150

DE OLIVEIRA Rafael, technicien

rafael.deoliveira@beckerich.lu
T. 26 669-152

CANDELAS Maria, architecte

maria.candelas@beckerich.lu
T. 26 669-605

ATELIER

atelier@beckerich.lu
T. 26 669-220

RENSEIGNEMENTS SALLES

JACOBY Patrick

patrick.jacoby@beckerich.lu
T. 26 669-201

RÉSEAU DE CHALEUR ET EAU

JACOBY Gilles

gilles.jacoby@beckerich.lu
T. 26 669-202

PERMANENCE ÉCOLES

SCHOLTES Claude

T. 691 721 436

MAISON RELAIS - DILLENDAPP

mrelais@beckerich.lu

BRAUN Olivier Chargé de direction T. 26 669-401

CAILTEUX Cindy Adjointe à la direction T. 26 669-402

POMPIERS (CIS BECKERICH)

cisbec@cdis.lu

HALL SPORTIF

sportshal@beckerich.lu
T. 26 669-300

ASSISTANTE SOCIALE

DIAS Sandra

T. 26 62 10 55-1

GARDE FORESTIER

HOLLERICH Thierry

T. 621 202 184

CENTRE MÉDICAL REDANGE/ATTERT

T. 23 62 42-1



PERMANENCE DÉPANNAGE
T. 26 66 9-200



D'SUEBELMOUK
JUILLET 2026 / N° 284
ISSN 3122-1440

Date butoir édition Août 2026 : 20.07.2026

Responsables d'édition : Thierry LAGODA, bourgmestre
Claude LOOTSCH, échevin
Patrick WAMPACH, échevin

suebelmouk@beckerich.lu



EDITORIAL P.04

GEMENG/
KOMMUNIKATIOUNEN P.08

DILLENDAPP &
SCHOUL P.15

EMWELT P.16

ALLGEMENG INFO P.18

KULTUR P.24

MANIFESTATIOUNS-
KALENNER P.28



d'Suebelmouk
Online



Charel Reiser

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Et ginn an der Geschicht vun eisem Land historesch Datumer, déi net jidderengem geleefeg sinn, mee dach ee wichtege Moment fir eis all duerstellen. Den Datum vum 8. Mee 1986, op Christi Himmelfahrt, ass esou wichtegen Datum. Viru 40 Joer krut nämlech d'Lëtzebuerger Vollek zu Oochen, vertrueden duerch eisen deemolege Souverain, de Grand-Duc Jean, de renomméierte Karlspräis iwwerreecht. D'Begrënnung fir de Biergerinnen an de Bierger aus dem klengen Lëtzebuerg dësen internationale Präis zouzuerkennen ass an der Festschrëft verankert a beseet follgendes: „Für das standhafte Eintreten Luxemburgs für die Vereinigung der europäischen Völker“. Datt net ee Politiker, oder souguer d'Regierung de Präis krut huet, mee ee ganz Vollek war exzeptionell an eng enorm Éier fir ee klengt Land. Et huet verstanen sech tëschent grouse Länner wéi Frankräich an Däitschland seng Plaz um europäesche Kontinent ze festigen.

Fir d'Bedeutung vun deem Präis, deen et säit 1950 gëtt, ervirzeesträichen, willt ech nëmmen e puer Laureaten ernimmen: de Jean Monnet, de Robert Schuman, de Pöpst Jean-Paul II, den Antonio Guterres, an nach vill aner bekannt europäesch an net-europäesch Gréissten. 2023 gouf mam ukrainesche Vollek ee weider Land mat sengen Awunner mam Karlspräis ausgezeechent, dat fir de couragéierte Kampf fir d'Verteidigung vun Europa a senge Wäerter.

Datt d'Lëtzebuerger Vollek de Karlspräis viru 40 Joer iwwerreecht krut huet, loung un der Vermëtt-

lerroll, déi eist Land tëschent grouse Länner, wéi Däitschland a Frankräich ageholl hat. Deemools huet Europa nach ganz anescht ausgesinn. D'EWG, d'Virleeferin vun der EU, huet zu deem Zäitpunkt net 27, mee just 12 Memberstaate gezielt. Bis den Euro zirkuléiert ass huet et nach 16 Joer gedauert. An trotz Ratifizierung vum Schengen-Ofkommens 1985, sinn d'Grenziwwergäng éischt 1995 verschwonnen. D'Europäesch Unioun, déi éischt 1993 mam Maastricht-Accord entstanden ass, war eng Visioun, eng Iddi, déi um klengen Plang mat der Benelux scho säit laangem gutt funktionéiert huet. Lëtzebuerg, mat de belschen an hollännesche Kolleegen, konnten am Klengen weisen, wat och am Groussen ka funktionéieren.

Datt Lëtzebuerg déi Vermëttlerroll iwwerhaupt esou exzellent konnt ausüben, loung un eppes, wat fir vill vun eisen Awunnerinnen an Awunner eng Selbstverständlechkeet ass. Nämlech eis Méisproochegkeet. Dës typesch Lëtzebuerger Eegenschaft huet eis de Wee opgemaach fir eist Land um politeschen Niveau am Ausland ze stäerken.

40 Joer nom Karlspräis kann een sech d'Fro stellen, wéi et haut steet ëm d'Lëtzebuerger Verständnis vum europäesche Gedanken an eiser Gesellschaft. Villes huet sech nämlech an deene leschte 4 Joerzinten zu Lëtzebuerg an an Europa gedoen. Eng gemeinsam Währung säit 2002, keng stationär Grenzkontrolle méi. Säit puer Wochen dann och net méi op der Däitsch-Lëtzebuergescher Grenz. Kee Roaming bei den Telefonskommunikatiounen innerhalb der EU, een oppenen europäesche Bannemaart, alles Beis-

piller iwwert déi mer guer net méi nodenken, mee als eng Selbstverständlechkeet unhuelen. Wat sech awer och däitlech an eisem Land geännert huet, sinn eis Populatiounszuelen. Nom Statec, ziele mer aktuell ronn 690.000 Awunner. 1986 waren et der 367.000. Een Zouwuess vun 88%. 27 % vun eiser Populatioun ware viru 40 Joer Net-Lëtzebuerger. Haut sinn et der 46,6 %. Dobäi sinn net déi 228.400 Frontalier'en derbäi gezielt, déi all Schaffdag d'Grenz passéieren.

An trotz dësen Zuelen ass déi ganz grouss Majoritéit vun de Lëtzebuerger net a Panik verfall mat der Angscht, datt mer eis Identitéit verléieren. Firwat, ma wëll grad eis Weltoffenheet an eise Multikulturalismus eis Identitéit ausmaachen. Viru 40 Joer, an ech giff behaapten haut esouguer nach méi. Dobäi spillt eis Méisproochegkeet, wéi virun erwänt, eng essenziell Roll. Ee Verständnis tëschent verschidde Kulture funktionéiert da just gutt, wann een sech och tatsächlech versteet. Sief dat am Däitschen, Franséischen an ëmmer méi am Engleschen.

Als Grenzgeng erliewe mer de Mateneen tëschent de Kulturen da vläit nach eng Grëtz méi, wéi an anere Gemengen. Ee Mateneen, dat mer och tëschent Nopeschgemengen op belscher a Lëtzebuerger Säit liewen. Mat der Grënnung vun der Association des communes de la Vallée de l'Attert belgo-luxembourgeoise virun 28 Joer, treffen sech säitdeem Politiker an och Vertrieder vun Associatiounen reegelméisseg fir gemeinschaftlech Aktivitéiten z'organiséieren. An den nächste Wochen hu mer op deem Niveau hei an eiser Gemeng viles unzebidden. Z.b. d'Journée conviviale den 28. Juni zu Uewerpallen bei der Schoul. D'Coupe de la Vallée de l'Attert, den 11. an 12. Juli um Biekerecher Fussballsterrain. An de Festival de la Musique dans la Vallée de l'Attert, de 5. September an der Biekerecher Kiirch.

Dëst Mateneen, innerhalb vun der Gemeng an driwwer eraus, ass een Atout, dee mer och am Kader vun der Entrée Joyeuse vum Grand-Duc Guillaume, den 9. Juli 2027, an de Vierdergrond wëlle stellen. Mir sinn houvreg drop, datt d'Maison du Grand-Duc d'Gemeng

Biekerech, stellvertriedend fir de ganze Westen, rausgesicht huet fir eisen neie Souverain wëllkomm ze heeschen.

Dir Dammen an Hären,

D'Europäesch Unioun ass net nëmmen een Zesummeschloss vu Länner, et ass ee Garant vu Fräiheet, Demokratie a Mënscherechter. Iwwert d'Charta vun de Grondrechter vun der Europäescher Unioun an dem Lissaboner Accord sinn dës a weider Wäerter festgeschriwwen. Dës Wäerter leeft a verdeedegt eis Land och 40 Joer no der Auszeechnung mam Karlspräis.

Och wann eis Welt an eist Land am Wandel sinn, a global Krisen eis déi lëscht Jore schwéier gerëselt hunn, huet eist Land eis Grondwäerter ni a Fro gestallt an eis Weltoffenheet weiderhin als eis Stäerkt gesinn. Eng Stäerkt, déi mer grad brauche fir duerch déi rau Zäiten ze kommen, déi mer erliewen. Eng Stäerkt, déi een sech och an anere Länner giff wënsche fir d'Solidaritéit innerhalb vun der Europäescher Unioun ze stäerken.

Op Nationalfeierdag feiere mer net nëmmen eis Geschicht. Mir feieren och dat, wat Lëtzebuerg haut ausmécht: eis Fräiheet, eis Demokratie, eis Méisproochegkeet an eis Weltoffenheet.

Dës Wäerter hu Lëtzebuerg staark gemaach an eis eng Unerkennung a ganz Europa bruecht. A si wäerten och an Zukunft de Kompass bleiwen, un deem mir eis orientéieren.

Vive de Grand-Duc Guillaume, Vive eis groussherzoglech Famill, vive eis Gemeng, vive Lëtzebuerg!

Ried am Kader vun de Festivitéiten vun National Feiertag den 20.06.2026

Thierry LAGODA

Buergermeeschter vun der Gemeng Biekerech





Charel Reiser

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Dans l'histoire de notre pays, il existe des dates historiques qui ne sont pas forcément connues de tous, mais qui représentent néanmoins un moment important pour nous tous. La date du 8 mai 1986, jour de l'Ascension, est l'une de ces dates marquantes. Il y a quarante ans, le peuple luxembourgeois, représenté à Aix-la-Chapelle par notre souverain de l'époque, le Grand-Duc Jean, recevait le prestigieux Prix Charlemagne. La justification de l'attribution de ce prix international aux citoyennes et citoyens du petit Luxembourg est inscrite dans le livret officiel de la cérémonie et énonce ce qui suit : « Pour l'engagement constant du Luxembourg en faveur de l'unification des peuples européens. » Le fait que ce ne soit ni un homme politique ni même un gouvernement qui ait reçu ce prix, mais tout un peuple, était exceptionnel et constituait un immense honneur pour un petit pays. Celui-ci avait su affirmer sa place sur le continent européen entre de grandes nations comme la France et l'Allemagne.

Pour souligner l'importance de ce prix, décerné depuis 1950, je ne citerai que quelques lauréats : Jean Monnet, Robert Schuman, le pape Jean-Paul II, António Guterres, ainsi que de nombreuses autres personnalités européennes et internationales de premier plan. En 2023, c'est également le peuple ukrainien qui a été distingué par le Prix Charlemagne, en reconnaissance de son combat courageux pour la défense de l'Europe et de ses valeurs.

Si le peuple luxembourgeois a reçu le Prix Charlemagne il y a quarante ans, c'est en raison du rôle de médiateur que notre pays a joué entre de grandes nations telles que l'Allemagne et la France. À cette époque, l'Europe était bien différente. La CEE, ancêtre de l'Union européenne, ne comptait alors que douze États membres au lieu de vingt-sept aujourd'hui. Il fallut encore seize années avant que l'euro ne soit mis en circulation. Et malgré la signature de l'Accord de Schengen en 1985, les contrôles aux frontières ne disparurent qu'en 1995. L'Union européenne, officiellement créée en 1993 avec le Traité de Maastricht, était alors une vision, une idée qui fonctionnait déjà depuis longtemps à petite échelle grâce au Benelux. Le Luxembourg, avec ses partenaires belges et néerlandais, avait démontré que ce qui fonctionne à petite échelle peut également réussir à grande échelle.

Si le Luxembourg a pu assumer ce rôle de médiateur avec autant d'efficacité, c'est grâce à un élément qui paraît naturel pour nombre de nos habitantes et habitants : notre plurilinguisme. Cette caractéristique typiquement luxembourgeoise nous a permis de renforcer la position de notre pays sur la scène politique internationale.

Quarante ans après l'attribution du Prix Charlemagne, il est légitime de se demander quelle place occupe aujourd'hui l'idéal européen dans notre société. Beaucoup de choses ont changé au Luxembourg et en Europe au cours des quatre dernières décennies. Une monnaie commune depuis 2002, la disparition

des contrôles frontaliers permanents, et depuis quelques semaines également à la frontière germano-luxembourgeoise. Plus de frais d'itinérance pour les communications téléphoniques au sein de l'Union européenne, un marché intérieur européen ouvert : autant d'exemples auxquels nous ne pensons même plus tant ils nous paraissent naturels.

Ce qui a également profondément changé dans notre pays, ce sont les chiffres de notre population. Selon le STATEC, le Luxembourg compte aujourd'hui environ 690 000 habitants. En 1986, ils étaient 367 000. Cela représente une augmentation de 88 %. Il y a quarante ans, 27 % de notre population n'était pas luxembourgeoise. Aujourd'hui, cette proportion atteint 46,6 %. À cela s'ajoutent les 228 400 travailleurs frontaliers qui franchissent chaque jour la frontière pour venir travailler au Luxembourg.

Et malgré ces chiffres, la très grande majorité des Luxembourgeois n'a pas cédé à la peur de perdre son identité. Pourquoi? Parce que notre ouverture au monde et notre multiculturalisme font précisément partie de cette identité. C'était déjà vrai il y a quarante ans, et je dirais même davantage aujourd'hui. Notre plurilinguisme, comme je l'ai déjà souligné, y joue un rôle essentiel. La compréhension entre différentes cultures ne peut fonctionner pleinement que lorsque l'on se comprend réellement. Que ce soit en allemand, en français ou, de plus en plus, en anglais.

En tant que commune frontalière, nous vivons peut-être encore davantage que d'autres cette coexistence harmonieuse entre les cultures. Une coexistence que nous partageons également avec nos communes voisines de part et d'autre de la frontière belge et luxembourgeoise. Depuis la création de l'Association des communes de la Vallée de l'Attert belgo-luxembourgeoise il y a vingt-huit ans, responsables politiques et représentants associatifs se réunissent régulièrement pour organiser des activités communes.

Dans les prochaines semaines, de nombreux événements seront proposés dans notre commune à ce titre : la Journée conviviale du 28 juin à Oberpallen, près de l'école ; la Coupe de la Vallée de l'Attert les 11 et 12 juillet sur le terrain de football de Beckerich ; ainsi que le Festival de la Musique dans la Vallée de l'Attert le 5 septembre dans l'église de Beckerich.

Cette convivialité, au sein de notre commune et au-delà, constitue un atout que nous souhaitons

également mettre en avant dans le cadre de l'Entrée Joyeuse du Grand-Duc Guillaume, le 9 juillet 2027. Nous sommes fiers que la Maison du Grand-Duc ait choisi la commune de Beckerich, représentante de tout l'Ouest du pays, pour souhaiter la bienvenue à notre nouveau souverain.

Mesdames et Messieurs,

L'Union européenne n'est pas seulement une union de pays ; elle est aussi garante de la liberté, de la démocratie et des droits de l'homme. Ces valeurs, ainsi que d'autres encore, sont consacrées par la Charte des droits fondamentaux de l'Union européenne et par le Traité de Lisbonne. Quarante ans après l'obtention du Prix Charlemagne, notre pays continue de vivre et de défendre ces principes.

Même si notre monde et notre pays évoluent, même si les crises mondiales ont durement secoué nos sociétés ces dernières années, le Luxembourg n'a jamais remis en question ses valeurs fondamentales et a toujours considéré son ouverture au monde comme une force. Une force dont nous avons précisément besoin pour traverser les temps difficiles que nous connaissons. Une force que d'autres pays pourraient également souhaiter afin de renforcer la solidarité au sein de l'Union européenne.

En ce jour de fête nationale, nous ne célébrons pas seulement notre histoire. Nous célébrons également ce qui fait le Luxembourg d'aujourd'hui : notre liberté, notre démocratie, notre plurilinguisme et notre ouverture au monde.

Ces valeurs ont rendu le Luxembourg fort et lui ont valu une reconnaissance à travers toute l'Europe. Elles resteront également, à l'avenir, la boussole qui guidera notre action.

Vive le Grand-Duc Guillaume, vive notre famille grand-ducale, vive notre commune, vive le Luxembourg !

Discours du 20 juin 2026 dans le cadre des festivités de la Fête nationale

Thierry LAGODA

Bourgmestre de la commune de Beckerich



FESTIVITÉITE FIR NATIONAL FEIERDAG

FESTIVITÉS DE LA FÊTE NATIONAL

20.06.2026

Te Deum an der
Biekerecher
Kierch

Te Deum dans
l'église de
Beckerich



Sportleréierung Honoration des sportifs méritants



Rieden, lessen a Concerten ënnert dem Préau vun der Sportshal
Discours, repas et concerts sous le préau du hall sportif



Fotoen Photos: Charles Reiser

BIEKERECH 2050

EXPLORER L'AVENIR DE BECKERICH

Nodenken, renovéieren an eng nohalteg Gemeng vu muer gestalten

Freides, den 22. Mee 2026, huet d'Gemeng Biekerech e participative Workshop ronderëm de *MUST-Dësch* (Multi-Scale Urban Sustainability Tool) organiséiert, en innovatiivt Instrument, dat am Kader vun engem Fuerschungsprojet vum Luxembourg Institute of Science and Technology (LIST) entwéckelt gouf.

Den Owend huet mat enger guidéierter Visitt vum Energiemuseum an der Biekerecher Millen ugefaangen, déi vum Romuald Collard, kulturelle Koordinator vun der Kulturmillen, presentéiert gouf. Duerno konnten d'Participanten de *MUST-Dësch* bei enger Presentatioun vum Nico Mack vum LIST an dem Maria Candelas vun der Gemeng Biekerech kenneléieren.

Mat Hëllef vun enger interaktiver Kaart vum Gemeindegebeit konnten d'Participanten eng Rei vun Donnéeën zu Gebaier, Gréngflächen, Bebauungspläng an dem lokale Wärmenetz entdecken. D'Instrument erlaabt et ënner anerem, den Energieverbrauch an d'CO₂-Emissiounen vu Gebaier ze visualiséieren, verschidde Szenarien fir energetesch Renovatiounen ze simuléieren an déi méiglech Virdeeler dovunner ofzeschätzen.

D'Diskussiounen hunn ervirgehewen, wéi wichteg et ass, Donnéeën duerch konkret Indicateuren méi verständlech fir d'Bierger ze maachen. Als Beispiller goufen d'Zuel vu Beem genannt, déi néideg wieren, fir eng bestëmmte Quantitéit CO₂ opzehuelen, oder d'Ëmrechnung an Auto- respektiv Fliegerkilometer. D'Participanten hunn och drop higewisen, datt wirtschaftlech Informatiounen, wéi d'Käschte vun den Aarbechten, déi méiglech Erspuurnisser oder d'Rentabilitéit vun Investissementen, nach méi staark integréiert sollte ginn, fir d'Bierger bei hire Renovatiounsprojeten ze ënnerstëtzen.

Et goufen och verschidde Méiglechkeete vun der Energietransitioun diskutéiert, dorënner d'Isolatioun vu Gebaier, Wärmepumpen, Photovoltaikanlagen an den Uschloss un e Wärmenetz. Besonnescht Interesséiert huet doriwwer eraus d'Iddi vun lokaler Energiegemeinschaften geweckt, déi et erlaben, lokal produzéiert Energie ze deelen oder besser ze valoriséieren.

De *MUST-Dësch* gouf och als wäertvollt Instrument fir

Penser, rénover, transformer une commune durable de demain

Le vendredi 22 mai 2026, la commune de Beckerich a accueilli un workshop participatif autour de la Table MUST (Multi-Scale Urban Sustainability Tool), un outil innovant développé dans le cadre du projet de recherche mené par le Luxembourg Institute of Science and Technology (LIST).

La soirée a débuté par une visite guidée du Musée des Énergies et du Moulin de Beckerich, présentée par Monsieur Romuald Collard, coordinateur culturel de la Kulturmillen. Les participants ont ensuite découvert la Table MUST lors d'une présentation animée par Monsieur Nico Mack du LIST et Maria Candelas de la Commune de Beckerich.



Grâce à une cartographie interactive du territoire communal, les participants ont pu explorer de nombreuses données relatives aux bâtiments, aux espaces verts, aux plans d'aménagement ainsi qu'au réseau de chaleur urbain. L'outil permet notamment de visualiser les consommations énergétiques et les émissions de CO₂ des bâtiments, mais aussi de simuler différents scénarios de rénovation

énergétique et d'en mesurer les bénéfices potentiels.

Les échanges ont mis en évidence l'intérêt de rendre les données plus accessibles au grand public grâce à des indicateurs concrets, tels que l'équivalent en arbres nécessaires pour absorber les émissions de CO₂ ou encore les kilomètres parcourus en voiture ou en avion. Les participants ont également souligné l'importance d'intégrer davantage d'informations économiques, comme les coûts des travaux, les économies réalisables ou encore les temps de retour sur investissement, afin d'aider les citoyens à mieux évaluer les avantages d'une rénovation énergétique.

Plusieurs pistes ont été discutées concernant les solutions de transition énergétique, notamment l'isolation des bâtiments, les pompes à chaleur, les panneaux photovoltaïques ou encore le raccordement au réseau de chaleur. Le développement de communautés énergétiques locales, permettant le partage ou la valorisation de l'énergie produite localement, a également suscité un vif intérêt.

La Table MUST a par ailleurs été identifiée comme un

d'Fuerschung, d'Raumplanung an d'Decisiounshëllef identifizéiert. Dësen Tool kéint dozou bäidroen, energetesch Renovatiounsstrategien op kommunalem a regionalem Niveau besser auszeschaffen an d'Bierger bei hire Renovatiounsvirstellungen gezielt ze begleeden.

D'Gesprécher hunn sech och op d'Raumplanung, lokal Servicer an d'Bedelegung vun de Bierger konzentréiert. D'Participanten hunn d'Wichtigkeet ënnerstrach, participativ Prozesser weiderzeféieren, fir zesummen d'Zukunft vun der Gemeng ze gestalten. Als eng vun den Iddie gouf d'Schafe vun engem lokale Maart op der Kiercheplaz genannt, fir kuerz Versuerungsweeër, d'Gesellekheet an d'Attraktivitéit vum Duerfkär ze stäerken.

Zum Ofschluss vum Workshop gouf en Evaluatiounsquestionnaire verdeelt, fir d'Meenungen an d'Erfahrung vun de Participanten iwwert d'Nützlechkeet vum Instrument, säi pedagogesche Wäert an méiglech Verbesserunge fir déi nächst Etappe vum Projet ze sammelen.

De *MUST-table* bleift nach bis Enn September 2026 fir de Public zougänglech. All interesséiert Bierger si häerzlech invitéiert, d'Instrument ze entdecken, seng verschidde Funktiounen auszeprobéieren an sech iwwer d'Méiglechkeeten am Beräich vun der energetescher Renovatioun, der territorialer Entwécklung an der ekologescher Transitioun z'informéieren. Eng Gebrauchsanweisung steet direkt niewent dem Dësch zur Verfügung.

Mat dëser Initiativ ënnersträicht d'Gemeng Biekerech hire Wëllen, d'Awunner, d'Experten an déi lokal Acteuren aktiv an d'Iwwerleeunge ronderëm d'Energie- a Raumfuerderunge vu muer anzebannen, fir zesummen eng nach méi nohalteg, resilient an attraktiv Gemeng bis 2050 ze gestalten.

Maria Candelas, Responsable Projet Européen REGEN

outil précieux pour la recherche, la planification territoriale et l'aide à la décision. Elle pourrait contribuer à mieux orienter les stratégies de rénovation énergétique à l'échelle communale et régionale, tout en facilitant l'accompagnement des citoyens dans leurs projets de rénovation.

Les discussions ont également porté sur l'aménagement du territoire, les services de proximité et l'implication citoyenne. Les participants ont souligné l'importance de poursuivre les démarches participatives afin de construire collectivement l'avenir de la commune. Parmi les idées évoquées figure notamment le développement d'un marché local sur la place de l'église, afin de renforcer les circuits courts, la convivialité et l'attractivité du centre du village.

À l'issue du workshop, un questionnaire d'évaluation a été distribué afin de recueillir les retours des participants sur l'utilité de l'outil, son impact pédagogique et les améliorations envisageables pour les prochaines étapes du projet.

La Table MUST reste accessible au public jusqu'à la fin du mois de septembre 2026. Les citoyens sont invités à venir la découvrir, à explorer les différentes fonctionnalités proposées et à s'informer sur les possibilités offertes en matière de rénovation énergétique, de développement territorial et de transition écologique. Un mode d'emploi de la Table MUST est mis à disposition à côté de celle-ci.

Par cette initiative, la Commune de Beckerich poursuit sa volonté d'associer les habitants, les experts et les acteurs locaux à la réflexion sur les défis énergétiques et territoriaux de demain, afin de construire ensemble une commune toujours plus durable, résiliente et attractive à l'horizon 2050.

LUXEMBOURG
INSTITUTE OF SCIENCE
AND TECHNOLOGY



Praktesch Informatiounen

MUST-Dësch zougänglech bis: Enn September 2026

Plaz: Energiemusée – Millen zu Biekerech

Zougang: Fräi fir all interesséiert Bierger

Themen: Energetesch Renovatioun, Raumplanung Ekologesch Transitioun an nohalteg Entwécklung

Informations pratiques

Table MUST accessible jusqu'à fin septembre 2026

Lieu : Musée des Énergies – Moulin de Beckerich

Accès libre pour les citoyens intéressés

Thématiques : rénovation énergétique, aménagement du territoire, transition écologique et développement durable

PLÉNIÈRE DES COMMISSIONS CONSULTATIVES COMMUNALES

🇫🇷 E Samschdeg, de 6. Juni 2026, hunn sech d'Membere vun de verschiddene konsultative Kommissiounen aus der Gemeng an der Millescheier zu enger éischter gemeinsamer Plénière getraff. D'Veranstaltung stoung ganz am Zeeche vum Austausch, der Zesummenaarbecht an dem géigesäitege Kenneleiere.

An enger gemittelter Atmosphär hunn d'Kommissioun fir d'interkulturellt Zesummeliwen, d'Ëmwelt- a Mobilitéitskommissioun, d'Kulturkommissioun souwéi d'Jugend- a Sportskommissioun hir Aktivitéiten, hir bis elo ëmgesezte Projeten an hir zukünfteg Perspektive virgestallt.

Dës éischt Plénière huet gewisen, wéi vill wäertvoll Aarbecht d'Kommissiounen fir d'Gemeng an hir Awunnerinnen an Awunner leeschten. Nieft de Réckblécker op d'Projeten an d'Aktivitéite gouf och iwwer Erausforderungen, gutt Praktiken an nei Méiglechkeete fir eng nach méi enk Zesummenaarbecht diskutéiert.

Ënnert anerem goufen Themen ewéi d'Koordinatioun vu Manifestatiounen, den Asaz vun digitale Kollaboratiounsinstrumenter, d'Schafung vun engem Gemengenarchiv, d'Valorisatioun vum lokale Patrimoine an d'Organisatioun vun nohaltegen Evenementer ugeschwat.

Déi konstruktiv Gespréicher hunn däitlech gemaach, datt den Austausch tëscht de Kommissiounen e wichtege Bäitrag zu enger lieweger a dynamescher Gemeng leeschte kann. Verschidde konkret Iddie fir zukünfteg Zesummenaarbechte konnten dobäi op de Wee bruecht ginn.

De Schäfferot seet alle Memberen vun de konsultative Kommissiounen villmools Merci fir hiren Engagement, hir Zäit an hir wäertvoll Aarbecht am Dénsgsch vum eiser Gemeng.

🇫🇷 Le samedi 6 juin 2026, les membres des différentes commissions consultatives de la commune se sont réunis à la Milleschëier pour une première séance plénière placée sous le signe de l'échange et de la collaboration.

Dans une ambiance conviviale, les représentants des commissions du vivre-ensemble interculturel, de l'environnement et de la mobilité, de la culture ainsi que de la jeunesse et du sport ont présenté leurs activités, les projets réalisés ces dernières années et leurs perspectives pour l'avenir.

Cette rencontre a permis de mettre en lumière le travail important accompli par les commissions au service de la commune et de ses habitants. Les participants ont également échangé sur les défis rencontrés, les bonnes pratiques mises en place et les possibilités de coopération entre les différentes commissions.

Parmi les thèmes abordés figuraient notamment la coordination des manifestations communales, le développement d'outils numériques favorisant le partage d'informations, la création d'un archive communal, la valorisation du patrimoine local, ainsi que l'organisation d'événements durables et responsables.

Cette première plénière a confirmé l'importance du dialogue et de la concertation entre les différents acteurs de la vie communale. Les échanges constructifs ont permis de dégager plusieurs pistes de collaboration qui contribueront à renforcer encore davantage la cohésion et le dynamisme de notre commune.

Le collège des bourgmestre et échevins remercie chaleureusement tous les membres des commissions pour leur engagement bénévole et leur contribution active au développement de la vie communale.



📷 Patrick Wampach

PRIME SCOLAIRE 2025/2026



Les étudiants ayant passé avec succès leur année scolaire 2025/2026 peuvent demander une prime scolaire jusqu'au 1er novembre 2026.

A cette fin, veuillez

- soit introduire une demande via notre site internet (utilisez le QR-code pour le lien direct)
- soit remplir le formulaire ci-dessous et présenter une copie de votre diplôme ou bulletin de l'année scolaire écoulée à l'administration communale (Commune de Beckerich, 6, Dikrecherstrooss, L-8523 Beckerich)

Si vous avez obtenu un diplôme étranger, veuillez joindre une homologation de votre diplôme par le Ministère de l'Éducation nationale!

Le montant accordé sera communiqué aux étudiants par courrier, mais pas avant décembre 2026. La prime sera retirée contre signature aux fins d'acquittement à l'administration communale.

Pour tout renseignement supplémentaire, veuillez contacter Mme Lynn Nothum au T. 26 669-100 ou par courriel info@beckerich.lu.

DEMANDE D'OCTROI D'UNE PRIME SCOLAIRE 2025/2026

Par la présente, je soussigné(e),

Nom: _____ Prénom: _____

Adresse: _____

No de téléphone: _____ E-mail: _____

Compte bancaire IBAN: _____

demande de m'octroyer une prime scolaire pour:

- ☐ une année d'études secondaire ou secondaire technique **75,00**
- ☐ mon diplôme DAP ou CCP **125,00**
- ☐ mon diplôme de fin d'études secondaires ou secondaires techniques **150,00**
- ☐ mon diplôme de Brevet de Maîtrise **150,00**
- ☐ ma 1^{ière} année d'études du Brevet de technicien supérieur **125,00**
- ☐ une année d'études supérieures ou de niveau universitaire **125,00**
- ☐ une prime unique pour diplôme de fin d'études supérieures (soit au niveau Bachelor, soit au niveau Master) **200,00**
- ☐ mon diplôme de Brevet de technicien supérieur **200,00**

ONLINE FORMULAIRE



Les données récoltées dans ce formulaire sont nécessaires aux traitements de votre demande de subside par les services de l'Administration communale. Elles sont traitées de manière loyale et transparente conformément au règlement général sur la protection des données (RGPD), et conservées la durée nécessaire à ce traitement ainsi qu'aux délais d'archivage légaux applicables.

Date: _____ Signature: _____



Produire sa propre électricité devient de plus en plus pertinent pour les ménages face aux défis énergétiques actuels. Afin de les aider à devenir plus indépendants énergétiquement et à planifier correctement leur installation solaire, le simulateur solaire a été développé.

En effet, le **bon dimensionnement** ainsi que la combinaison avec d'autres mesures de décarbonation (telles que la pompe à chaleur ou la mobilité électrique) sont essentiels pour exploiter pleinement le potentiel d'une installation photovoltaïque. Une installation trop petite limite les économies possibles, tandis qu'une installation surdimensionnée augmente les injections dans le réseau et réduit la rentabilité de votre investissement. Cet équilibre est d'autant plus important que, dans le nouveau régime d'aides Klimabonus, le subsidie est lié à la puissance installée et plafonné à 10.000 € à partir de 15 kW_c.

Il est important de se poser quelques questions avant de se lancer.

- Quelle puissance installer ?
- Faut-il couvrir toute la toiture ?
- Une batterie est-elle pertinente ?
- Quel niveau d'indépendance peut-on atteindre ?

Le nouveau simulateur solaire

Klima-Agence permet d'explorer ces questions de manière personnalisée et interactive. Il offre la possibilité de simuler l'interaction entre les principaux postes de consommation d'électricité et une installation photovoltaïque, avec ou sans batterie.

L'objectif est clair : aider à identifier une configuration cohérente, adaptée à votre profil de consommation d'électricité et à vos usages actuels ou futurs, notamment en cas d'intégration d'une pompe à chaleur ou d'un véhicule électrique.

L'outil donne une base de dimensionnement pour un projet solaire. Il ne remplace pas une étude technique détaillée, mais il permet de mieux comprendre les ordres de grandeur, les effets des choix techniques et les leviers d'optimisation.

Le parcours est structuré et intuitif :

- **données de base** – adresse du bâtiment pour estimer le potentiel de la toiture et indication du profil de consommation ;
- **installation photovoltaïque** – proposition de puissances disponible et recommandée, avec possibilité d'ajustement ;
- **composants et paramètres** – intégration d'une batterie, des installations techniques (chauffage, eau chaude, ventilation), de la mobilité électrique ainsi que des paramètres économiques, comme le mode de subvention, le prix de l'électricité, l'estimation des coûts totaux de l'installation.

Tout au long de la simulation, les résultats sont actualisés en temps réel : rentabilité, degré d'indépendance énergétique et taux d'injection dans le réseau. Différents scénarios peuvent ainsi être testés et comparés afin d'identifier les options les plus pertinentes. À la fin, une vue détaillée avec graphiques et recommandations vous est proposée.

En permettant de tester plusieurs configurations, le simulateur facilite une prise de décision informée avant tout investissement.

Découvrez le simulateur solaire :
solar.klima-agence.lu

Conseil indépendant et gratuit
klima-agence.lu • 28 33 44

NEI AM DILLENDAPP

NOUVEL ÉDUCATEUR AU DILLENDAPP

Moien,

Ech heeschen Nicolau Cardoso de Jesus, mee jidderee nennt mech Nico, an ech sinn 23 Joer al. Ech schaffen am SEA Dillendapp als Aide-Éducateur am Cycle 3.

Ech schwätze fënnef Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch. Dës Sproochenkenntnisser hëllef mir, eng guut Verbindung mat de Kanner opzebauen.

An menger Fräizäit spillen ech gär Fussball, wat mir Teamgeescht a Motivatioun vermëttelt.

Am Beruff ass mir de ganzheetleche Wuesstem vum Kand besonnesch wichteg. Ech begleeten d'Kanner no hirem eegene Rhythmus an hire Stäerken. Eng Bezéiung vu Vertrauen a Respekt mat mengem Grupp ass fir mech essentiel.

Ech wëll zu engem sécheren, motivéierenden a frëndleche Klima bäidroen. Ech freeë mech drop, mat iech zesummenzeschaffen an en aktiven Deel vum Team ze sinn.

Léif Gréiss

Bonjour,

Je m'appelle Nicolau Cardoso de Jesus, mais tout le monde m'appelle Nico, et j'ai 23 ans. Je travaille au SEA Dillendapp en tant qu'aide-éducateur au Cycle 3.

Je parle cinq langues : luxembourgeois, allemand, français, anglais et portugais. Ces compétences linguistiques m'aident à créer une bonne relation avec les enfants.

Pendant mon temps libre, j'aime jouer au football, ce qui m'apporte l'esprit d'équipe et la motivation.

Dans mon travail, le développement global de l'enfant est particulièrement important pour moi. J'accompagne les enfants selon leur propre rythme et en tenant compte de leurs forces. Une relation de confiance et de respect avec mon groupe est essentielle pour moi.

Je souhaite contribuer à un climat sûr, motivant et bienveillant. Je me réjouis de collaborer avec vous et de faire partie active de l'équipe.

Cordialement



Dillendapp

Fir proppert Waasser

D'Equipe vun der Infostuff erzielt unhand vun hiren eegenen Erfahrungen, wat een alles am Alldag maache kann, fir d'Waasser ze schützen. D'Infostuff ass eng Platz, wou dir iech zu den Themen Energie, Waasser an Ëmwelt informéiere kënnt. Si huet hire Büro zu Réiden an der Groussgaass a gëtt gefouert vun de Servicer vum Réidener Kanton, der Asbl Maison de l'Eau de l'Attert an dem Leader Wëlle Westen.

Waat maachen ëch fir proppert Waasser ?

Mäin naturnoe Gaart, brauch weeder genat nach gedüngt ze ginn.



Pierre JAAQUES
schafft säit 2015 an der Asbl
Maison de l'Eau ze Réiden
an ass do zoustänneg fir all
déi technesch Projeten

Mäi Gaart ass een **naturnoe Gaart**, deem den eenheemesche Planzen an Déieren ee Maximum u Platz bitt. Ech hun eng ganz Rei u Liewensräim ugeluecht, wéi Drëschemauren, Blummewisen, Steekéip, Holzkéip, Staudebeeter, asw.

A menge **Staudebeeter** hunn ech virun allem eenheemesch Planzen, déi gudd fir eis Bestëbser sinn an och gudd mat eisem Klima eens ginn. Mat Ausnam vun deem éischte Joer, wou geplanz gëtt brauch ee bei esou Planzen och bal ni ze näzen. Dës Stauden brauchen och keen Dünger an hëllefen esou eist Grondwaasser propper ze halen.

Déi Deeler vu mengem Naturgaart déi mat **Wues** bedeckt sinn, ginn ni genat well de Wues och mat Dréchenzäiten gutt eens gëtt. Wichteg ass, dat en ni ze kuerz geméint gëtt. An op Dünger kann een och hei ouni Probleem verzichten.



Maison de l'Eau de l'Attert asbl
43, Grand-rue
L-8510 Redange
Tel. 26 62 08 08



Eis Beem loosse sech weisen!



Pyrus sp. / Poirier / Bierebam
Savelborn

Entdeckt eis
„Arbres remarquables“
an hëllef, eisen
natierleche Patrimoine
ze schützen!

**Kennt och Dir e Bam, dee besonnesch
schützenswäert wier? Da mell** eis en!



Méi Informatiounen:

arbresremarquables.lu

**Wëlt
Lëtzebuerg**
WILT LUXEMBOURG



Administration
de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

© Maria Rodmann-Müller / Design graphique: Bruno Ponsa

VOICEMOTION BEGEESCHTERT MAT „JUST SING IT“



Biekerech: Zweek ausverkaafte Concerten, den 8. an 9. Mee, e begeeschterte Publikum a ganz vill Emotiounen: mat hirem Fréijorsconcert ënnert dem Motto „Just Sing It!“ huet VoicEmotion, ënnert der Leedung vum Madeline Boonen, zu Biekerech fir onvergiesselech Momenter gesuergt. De Publikum huet vill Ofwiesslung gebuede kritt, ob a-cappella Gesank oder mat Begleedung vum Pianist Christophe Nanquette. Vun der éischter Minutt un haten déi 40 Sängerinnen a Sänger d'Spectateure gefesselt. Déi hu matgeklappt, gelaacht, gekrasch a matgefillt. Et goufen och lwwerraschungsmomenter, mat impressionante Solo-Optrëtter, originelle Choreographie-Einlagen oder SängerInnen, déi selwer zu Instrumenter gegraff an nach eemol fir musikalesch Ofwiesslung gesuergt hunn. Den Héichpunkt war, wéi d'Sängerinnen a Sänger, fir déi lescht Zugab, vun der Bün erofkomm sinn an sech am Sall verdeelt hunn, déi eenzel Stëmme gemëscht, fir e ganz besonneschen Effekt vu „Make you feel my love“. VoicEmotion ass nees sengem Numm gerecht ginn: et ass net nëmmen e staarke Chouer mat aussergewöhnleche Stëmmen, mee e kann och Emotiounen eriwwerbréngen. An dat ass e schéine Beweis dofir, datt Musek verbënnt.

Text: Françoise Medernach, Foto: Charles Reiser

NOPESCHFEST 2026



06. Juni zu Huewel
Haaptstrooss a Bockwee

Manon Zimmer





22. Mee zu Näerden
op der Gare



📷 Claude Karger

KADDOEN FIR 24 JUBILAREN AM HPPA RÉIDEN/ATERT

Réiden/Atert: Di traditionell gemeinsam Gebuertsdaysfeier, di e puer Mol am Joer am Home Saint- François Réiden/Atert fir hir Jubilaren zesummen mat hire Familljen organisiert gëtt, mécht jidderengem ëmmer vill Freed. En Donnesciden, den 21. Mee war et nees esou weit, wou nit manner wi 24 Jubilaren vun de Méint Mäerz an Abrël mat engem schéine Kado geéiert gi sin. den Home Direkter Dany Oestreicher mat sengem Personal war et och eng besonnesch Freed alle Gebuertsdayskanner die allerbëscht Gléckwënsch



vum Haus, verbonne mat enger gudder Gesondheet op hire weidere Liewenswee ze iwwerbréngen. Fir beschte Stimmung an Danzmusik, huet den Entertainer Willy wéi gewinnt mat sengem besonneschem Humor de ganzen Nommetteg, gesuergt. Natirlich huet niewt engem Glas Crémant, och engt gut Stéck vum groussen Gebuertsdayskuch an géint der Owend e leckeren Teller mat Spezialitéiten vum Haus wesentlich zu dëser schéiner Feier och beigedroen. D'Jubilaren vum Mount Mäerz: Gloesener- Jacqué Marie- Louise (83 Joer), Conrardy Romain (69), Schneider- Genin Lucienne (96), Bendels- Klein Liliane (81), Decarniere- Uyttendaele Christiane (87), Schroeder Alphonse (89), Risch Jean- Pierre (79), Goedert- Knops Denise (93) a Weber- Schrantz Laure (82). Mount Abrël: Didier- Feilen Marie- Louise (93), Muller- Klepper Marie- Josée (80), Weyland- Huberty Amélie (87), Enschedé Albert (85), Rausch- Koeune Anne (84), Bach Philippe Aline (90), Diederich- Wolff Marie- Thérèse (96), Pater Hansen Matthias Joseph (87), Colbach Jean (90), Kleer Joseph Mathias (94), Braun Rudy (89), Dernen- Moes Anne- Monique (83), Tiercet Eugénie Marguerite (84), Fasbinder- Nilles Marie- Madeleine (96) a Reimen André (80).

Text & Foto: Charles Reiser

SCHÉCK EIS DENG FOTO



Du hues eng flott Foto an der Gemeng gemaach a wëlls se gärdeelen? Dann loos eis se zoukommen:

suebelmouk@beckerich.lu

Merci dem Roger Ries fir dës impressionant Foto.

Vous avez pris une belle photo dans la commune et souhaitez la partager ? Alors n'hésitez pas à nous l'envoyer :

suebelmouk@beckerich.lu

Un grand merci à Roger Ries pour cette photo impressionnante.



Heubörse
hee.lu


Mehr dazu
auf hee.lu

Die Heubörse für Luxemburg

Finden Sie das perfekte Heu für Ihre Tiere & unterstützen Sie regionale Heuanbieter!

Opruff un Dammen an Hären

Den Keeleclub Voll Dropp sicht nach aktiv Memberen aus der Gemeng Biekerech.



Mir bestinn aus engem Dammen an Härenclub,deen bei der FLQ ageschriwwen ass.

Gesicht gin Dammen an Hären an all Alterskategorie,dei um Keelespillen interesseiert sin,


Eis Trainer sin Mettwochs fir d'Hären an Donnesdes fir Dammen beim Kueb zu Steebrecken.

Dir kennt iech gären mellen bei eisem President Roby 621 246 121 oder dem Josée 621 228 303

All Neizougang ass wellkomm,an waat een nach net kann,leiert sech.

www.fairtradegemeng.lu / 2026

EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL



LES VISAGES ET L'IMPACT FAIRTRADE

Derrière chaque produit Fairtrade se cachent des visages, des histoires, des mains qui travaillent. En Afrique, en Asie, en Amérique latine et dans les Caraïbes, des femmes et des hommes comme Justa, Enrique et Linner cultivent avec tout leur savoir-faire ces produits lointains qui nous régaler au quotidien. **Qu'est-ce que le commerce équitable a changé à leur vie ?**

JUSTA More, membre de la coopérative Appbosa au Pérou : « Le commerce équitable signifie que nous recevons un prix juste pour nos bananes et une prime qui nous aide à investir dans l'irrigation, les puits et l'amélioration des exploitations. »

ENRIQUE Gabriel Hernandez Vasquez, cultivateur du cacao criollo, originaire de l'Amazonie au Pérou : « Fairtrade contribue à financer la formation technique que nous recevons. Le fait d'être membres d'une coopérative nous apporte un soutien considérable. »

LINNER Ruto, productrice de thé au Kenya subvient aux besoins de sa famille et aide d'autres productrices de sa communauté à s'émanciper : « Fairtrade a vraiment changé ma vie ». Découvrez-la en vidéo :



PASSEZ À L'ACTION

Comme votre commune au niveau des achats communaux, devenez un consomm'acteur et tournez-vous vers un commerce juste et durable qui donne une voix aux producteurs et travailleurs.

En choisissant les produits Fairtrade lorsque l'occasion se présente (café, thé noir-vert-blanc, chocolat, sucre de canne, bananes, jus d'orange, vêtements en coton, etc.), vous soutenez :

- des **prix justes** et des **conditions de travail décentes**
- des **pratiques agricoles respectueuses** de l'environnement
- **l'égalité pour les femmes** et un **avenir meilleur pour les jeunes**

Le commerce équitable permet à chacun **de donner du sens à ses choix de consommation**.



Take Action



thé cacao bananes



Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

CENTRE PAROISSIAL: 40, Grand'rue L-8510 Redange-Attert

Site: <https://cathol.lu/atertdall>

ÉQUIPE PASTORALE:

Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 jif@scj.lu

Père Antoine DO, vicaire T : +33 695 24 33 19 Mail : antoine.do@cathol.lu

Père Jacques BAGNOUD, subsidiaire

Mail : jacques.bagnoud@cathol.lu

Père Vincent BILLOT, subsidiaire

Mail : vincent.billot@cathol.lu

SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES Tél: 23 62 10 53 / atertdall@cathol.lu Michèle ASSERAY, secrétaire

KRANKEN- & ALTENPASTORAL Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ

NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES Tél. 621 686 102

Informationen aus der Par:



Sameschdig, de 4. Juli mueres um **7.00 Auer** zu Randschelt: D'Par Atertdall Sainte-Claire an de „Gesank Nei Brasilien“ invitéieren Iech ganz häerzlech op ee

MOIESGEBIET UM MEDITATIONSWEE „RANDSCHLEIDER PAD“

dëst Joer ënnert dem Thema: „Mensch sein, hier und jetzt“

Zum Schluss vun der Wanderung invitéiert de Gesank Nei Brasilien op eng Taas Kaffi.


Mëttwoch, den 8. Juli machen d'*Fraen a Mammen Par Atertdall Sainte-Claire* eng flott



Dagesrees op Bernkastel-Kues

Informationen an Umeldungen w.e.gl. beim

Diane Flammang, Tel: 691 110 583



Kateches fir äer Kanner

© image: paroisse Maurice-Bernard.fr

Vun 3 bis 15 Joer, 4 Niveauen (je no Cycle an der Schoul), 3 Sproochen (Lëtzebuergesch, Portugisesch, Franséisch) Lieweg Reuniounen fir eng grouss Entdeckung vun der Schéinheet vum chrëschlichen Glawen. Virbereedung op d'Éischt Kommunion, d'Firmung...

>> **Aschreiwungen fir d'Kateches 2026-2027 <<**

Umeldungen nëmmen per Mail: inscription.cate.atertdall@gmail.com

D'Formularen fir d'Aschreiwungen fannt dir um Site:

<https://web.cathol.lu/article6545>

La catéchèse pour vos enfants

La paroisse Atertdall Sainte-Claire offre de nombreuses possibilités : différents groupes, à différents horaires, en différentes langues (luxembourgeois, portugais, français), pour que vous puissiez choisir ce qui convient le mieux à l'organisation de votre famille et aux besoins de vos enfants de tous âges. De 3 à 15 ans, 4 niveaux (selon le cycle scolaire), 3 langues (luxembourgeois, portugais, français)

>> **Inscription à la catéchèse 2026/2027 <<**

Inscriptions uniquement par mail: inscription.cate.atertdall@gmail.com

Les fiches d'inscriptions sont disponibles sur notre site: <https://web.cathol.lu/article6545>

KIERMES zu BIEKERICH

**Sonndig, den 19. Juli um 10.45 Auer ass
KIERMESMASS an uschléissend gin d'Griewer geseent**

De Masseprogramm a vill weider Informationen fannt Dir an eisem Parbréif oder um Internet

<https://web.cathol.lu/article8890>

Spenden fir den Drock vum Parbréif: BCEELULL LU57 0019 5055 9545 4000

Kierchefong C.T. / Atertdall Sainte-Claire



© Evans

26^{ième} Coupe de la Vallée de l'Attert



le 11 et 12 juillet 2026 au terrain du FC Biekerech

FC Biekerech



saît 1964



samedi 11 juillet

dimanche 12 juillet

Pool A

14H00: SC Ell - FC Perlé
15H00: FC Perlé - AS Nothomb-Post
16H00: AS Nothomb-Post - SC Ell

Pool B

17H00: FCPR - FC Biekerech
18H00: FC Biekerech - SC Tontelange
19H00: SC Tontelange - FCPR

Finales

14H00: Finale places 5 et 6
15H45: Finale places 3 et 4
17H30: Finale places 1 et 2



DJ GARRY CREW
SOUND & LIGHT





18.-26. JULI

KIDS DAYS

AN DER RÉIDENER SCHWÄMM

WAASSERSPILLER • POWER BOOTER • WETTRUTSCHEN
SPRANGSCHLASS • KLOTERBIERG • KIDS SAUNA
FACEPAINTING • BBQ & SCHNEEKEREIEN

19. JULI

**SCHAUM
PARTY**

réidener
schwämm

reidener-schwemm.lu



Biekerecher Kiermes

19. Juli 2026 op der Millen




Al Trakterstreffen (Apéro-Tour
duerch d'Gemeng um 11:00 Auer)

50 Kubiktreffen (Fir <1989-
Modeller an Tour duerch eis Géigend
mat Assistance um 13:30 Auer)

Musikalesch Animatioun:

14:30 Auer: Kiermesconcert
Biekerecher Musik

16:00 Auer: Moselle Valley Brass Band



Fir déi Kleng:

Sprangschlass
a Kiermesbuden

Ab 12:00 Auer Mëttegiessen:

- Gegrills a Fritten
- Fierkel um Spiess
- Desserten

Reservéiert äert Fierkel bis den 12. Juli
beim Martine um Telefon 661 691 504.



SAVE THE DATE!



Biekerech an Aktioun

EIS VERÄINER. EIS GEMENG. EIS ZUKUNFT. ♥



Eis lokal Veräiner stellen sech vir
an Dir kënn laanschtkommen, entdecken
a schnupperen!



19/09/2026



ab 15 Auer
bis 19 Auer



KOMMT LAANSCHT, MAACHT MAT,
AN ENTDECKT, WAT BIEKERECH BEWEEGT!

Organiséiert vun:

G E M E N G



BIEKERECH



GEMENG
BIEKERECH

Fir eis Gemeng. ♥
Fir eis all.

SPORT



KULTUR



ZESUMMEN



FRÄIZÄIT



MANIFESTATIOUNSKALENNER

JULI 2026

✓ 11. - 12.07.2026

26ième Coupe de la Vallée de l'Attert

FC Biekerech

📍 Terrain FC Biekerech

✓ 19.07.2026

Biekerecher Kiermes

Oldtimerfrënn Biekerech

📍 Biekerecher Millen

✓ 09.07.2026 • 20h00

Biergerversammlung: Verkéiersetude

Presentatioun vun der Verkéiersetude an de geplangte Moosname fir eng Temporeduktioun an der Gemeng Biekerech

📍 Millescheier



GEMENG
BIEKERECH

ADMINISTRATION COMMUNALE DE BECKERICH

6, Dikrecherstrooss • L-8523 Beckerich
Tél. : 26 669-100 • E-mail : info@beckerich.lu
www.beckerich.lu

Les bureaux sont ouverts :
lundi - vendredi de 08h30 à 12h00 et mercredi de 14h15 à 17h45

